Gemeng vum 21. Joerhonnert, Gemeng vu muer

Am Oktober 2017 si Gemengewahlen zu Lëtzebuerg. An dem Kontext, huet sech d'CSJ Gedanke gemaach wéi Gemengen hei am Land am 21. Joerhonnert nach besser funktionéieren an hir Bierger besser an de politesche Prozess abanne kënnen. Dobäi muss een natierlech bedenken, dass ass all Gemeng duerch seng geographesch an demographesch Lag aner Suergen huet, doduerch anescht organiséiert ass. Verschidde Gemengen hu verschidde vun eise Proposen och schonn ageféiert oder experimentéieren domadder. Dowéinst sinn eis Proposen a Recommandatiounen an dësem Zesummenhang och mat dem néidege Pragmatismus an der néideger Flexibilitéit ze verstoen.

Kommunikatioun tëschent der Gemeng an hire Bierger

Wéi kann d'Gemeng vu muer méi einfach, méi direkt a méi effizient mat hire Bierger kommunizéieren? An wéi kënne sech d'Bierger an der Zukunft nach méi einfach iwwert Aktivitéite vun der Gemengen informéieren? Dozou schléit CSJ vir:

- En Internetsite a mindestens 2 Sproochen, am beschten deenen 3 administrative Sproochen hei zu Lëtzebuerg.

- D'Méiglechkeet niewent dem Guichet an der Gemeng, all administrativ Demarchen iwwert den Internet ofzewéckelen.

- De Gemengebuet och elektronesch opzeschaffen an am Format vun enger Newsletter via Mail an iwwert sozial Medie ze verbreeden. Dobäi sollen d'Gemeng an hir Clibb och heivu Gebrauch maachen, fir op kulturell Eventer an Aktivitéiten am Duerf hinzeweisen an ze invitéieren.

- All Gemeng muss en analytesche Bericht vun hire Gemengesëtzung verfaassen an de Bierger iwwert Internet an am Gemengebuet zur Verfügung stellen. Gemenge sollen encouragéiert ginn e Livestream (mat enger Play-back-Funktioun) vun der Gemengerotssëtzung anzeféieren, sou dat Bierger sech informéiere kënnen. Ab enger Gréisst vun 10.000 Awunner soll sou e Livestream obligatoresch sinn.

- All Dokumenter déi de Bierger a Persoun bei der Gemeng consultéiere kann, sollen iwwert den Internet einfach accessibel gemaach ginn.

Participatioun an Integratioun vun de Bierger an der Gemeng

Wei kënne Bierger sech an der Gemeng besser abréngen? An wéi kënne Gemenge Bierger besser un den Decisioune bedeelegen? Dozou schloe mir vir:

- D'Aféierung vun engem Online-Petitioun-System (wéi dee bei der Chamber) fir de Bierger d'Méiglechkeet ze ginn op lokal Problemer opmierksam ze maachen.
- Obligatoresch Biergerconsultatioune (ëffentlech Versammlungen) bei grousse Bauprojeten an der Gemeng (bei PAG a verschiddene PAPen, wou nei Quartieren entstinn oder bestehend ëmgestalt ginn).

- Public-Maache vun de Rapporten aus alle Gemengekommissiounen, déi net „à huit clos" gehale ginn.

- Nach méi Efforten ze maache fir eis auslännesch Matbierger an de Gemengen ze begréissen an ze integréieren, zum Beispill mat enger *Welcome Week* fir nei Bierger, dem Ausbau vun den Noperschaftsfest, perséinleche Welcome-Gespréicher vun de Gemengeresponsabel, etc.

- Gemenge sollen hire Bierger an de Leit, déi bei der Gemeng schaffen, gratis Lëtzebuergeschcours an der Mëttesstonn an owes no den Aarbechtszäiten ubidden.

Jonker an der Gemeng

Wei eng Projete kann d'Gemeng fir Jonker maachen?

- D'Aféiere vun engem Kanner- a Jugendgemengerot an alle Gemengen.

- Dat obligatorescht Ofhale vun „Assises de la Jeunesse" an engem 2-Joer-Rhythmus.

- D'Ausschaffe vun engem Jugendkommunalplang an alle Gemengen iwwer 10.000 Awunner.

Gemeng an d'Vertriedung an der Chamber

Wéi sollen déi lokal Interessen an der Zukunft um nationale Plang vertriede ginn? Dozou fuerdert d'CSJ:

- De Cumul vun de Mandater tëschent dem lokalen an dem nationalen Niveau staark ze limitéieren.

- Eng obligatoresch Formatioun, organiséiert vum Staat fir déi nei Gemengeconseilljeeën no der Wahl an de Prozedure vum Gemengerot, de relevante Gesetzer, souwéi e Rappel vun der Wichtegkeet vun hirer gewëssenhafter Aarbecht als politescht Aktiouns- a Kontrollorgan am Intressi vun de Bierger.

- De Congé politique vun de Gemengevertrieder eropzesetzen, fir dass si hirem Mandat gewëssenhaft kënnen nogoen.

- D'Aféiere vun enger Chambre des élus locaux mat begrenztem Pouvoir fir weiderhin d'Interête vun de Gemengen zum Ausdrock kennen ze bréngen.